PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°3847 hat ech dem Minister verschidde Léisungsvirschléi fir d'Trafficsituatioun op der Péitenger Collectrice proposéiert. Zur Iddi vun enger Ënnerféierung ënnert dem Rond-Point beim LMA hat de Minister gesot, dass an enger spéiderer Phase eng Ënnerféierung beim Rond-Point virgesi wier an dass zu deem Zäitpunkt Traficsimulatioune missten duerchgefouert ginn, fir dat Ganzt richteg kënnen ofzeschätzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gëtt envisagéiert de Projet vun der Ënnerféierung beim Rond-point an deenen nächste 5 Jore unzegoen?
   Falls jo, wéi laang géif de Bau vun enger Ënnerféierung schätzungsweis op dëser Plaz daueren?

2. Wéi steet de Minister zur Aféierung vun engem Turbo-Rond-point op dëser Plaz, esou wéi en op der Collectrice no der Sortie Suessem-Déifferdeng gebaut gouf?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député